pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2025.69797.SECR

Péiteng, den 19. Januar 2026

**Betreff: Är Froe vum 19. Dezember 2025**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Christian Polfer - Tel.: 50 12 51 - 2062)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 19. Dezember 2025 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*An engem Artikel am Wort vum 14ten Oktober 2024 gëtt drop higewisen, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, fir qualifizéiert Personal am soziale Secteur ze rekrutéieren. Zousätzlech liest een ëmmer méi dacks, datt Schoule Problemer hunn, fir genuch Betriber oder Institutiounen ze fannen, déi bereet sinn, Schüler*innen am Kader vun hire Stage professionell z'encadréieren.*

*Fir Betriber an Institutioun souwéi qualifizéiert Mataarbechter*innen ze motivéieren, dës Encadrement-Aufgab ze iwwerhuelen, gesäit den Artikel 3 vum Règlement grand-ducal du 22 juillet 2009 eng spezifesch Indemnitéit vir:*

*"Le ministre alloue aux institutions précitées une aide particulière pour la contribution à l'encadrement des élèves du lycée en stage. Le montant de l'aide particulière à verser aux institutions est fixé à 180 euros par mois de stage de pratique professionnelle et par élève stagiaire. Pour les fractions de mois, l'aide est fixée à 45 euros par semaine entamée et par élève.*

*Le paiement de l'indemnité est effectué à la fin du stage. Les institutions soumettent à la fin de l'année calendaire et à la fin de l'année scolaire un décompte au lycée qui le transmet au ministre pour liquidation.* ***Il est loisible à l'institution de transmettre cette indemnité en totalité ou partiellement au tuteur ayant encadré l'élève pendant le stage.***

*Si l'institution conventionnée est un service de l'État, l'agent désigné à prendre en charge l'élève pour contribuer à son encadrement pendant la formation pratique touche l'aide particulière susmentionnée."*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Wéi vill Mataarbechter.innen an eiser Gemeng sinn als Tuteur certifiéiert an a wéi enge Secteuren oder Servicer?*

*2. Wéi vill Schüler*innen goufen zënter 2023 an de verschiddene Secteure vun der Gemeng Péiteng vun engem Tuteur oder enger Tutrice encadréiert?*

*3. Goufen déi virgesinn Indemnitéiten integral oder deelweis un d'Tuteur*innen weiderbezuelt?*
*Falls jo, wéi vill gouf zënter 2023 ausbezuelt?*
*Falls net, aus wéi enge Grënn ass dëst net geschitt?*

*Mat Respekt,*

*Paula Couto,*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Zu der Fro 1:

Personal mat enger Formatioun "Tuteur" :

- 20 Persounen an eise Maisons Relais
- 2 Persounen an eisem Service Espaces Verts
- 1 Persoun am Service Entretien et Nettoyage
- 1 Persoun an eisem Service Piscines communales
- 1 Persoun an eisen administrative Servicer

Zu der Fro 2:

Et ass wichteg ze differenzéieren. E Stagiaire deen eng Woch e Stage maache kënnt, gëtt net automatesch vun engem certifiéierten Tuteur encadréiert. Dëst ass nëmmen de Fall am Kader vun engem Apprentissage.

Am ganze goufen op der Gemeng, zënter 2023, 84 Kanner a Stagen encadréiert.

Zu der Fro 3:

Fir de Fall dass mir eng Indemnitéit kréien, ginn déi automatesch iwwert d'Recette un d'Schüler weider geleet. Dëst huet de Gemengerot a senger Seance vum 19. November 2001 esou decidéiert. (Décision approuvée par l'autorité de tutelle le 19/12/2001)

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118